# luxroots.com asbl

**Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews**



---

**Ob Dir luxroots gär hutt oder net ... Sot eis wat Dir vun luxroots denkt!**
Schéckt eis Är luxroots Bewäertung mat Mail a mir posten se hei

---

---

Meng Unerkennung fir déi Arbecht déi vun villen vun Iech geläscht gëtt an een groussen Merci. L.R.

---

Ech machen schons 30 Joer Anefuerschung. Et ass eng Passioun a wann ee de Virus huet léisst en een net méi lass.
Nodeems ech déi divers Gemengen duerchgeholl hat, sinn ech all frei Minutte an de Staatsarchiv gaangen an hunn meng Virfaren op Mikrofilm gesicht. Dat ass ganz beschwéierlech an laangootmeg Aarbecht. Dofir weess ech d'Arbecht vun luxroots wierklech ze schätzen. Dat ass eng formidabel Aarbecht an e super Outil de travail.Ee ganz grousse Merci un de Georges Eicher deen ech viru Joren am Archiv kennegeléiert hunn an dee mer ëmmer mat Rot an Dot konnt hëllefen. Ee super Projet deem ech 5 Stären ginn. M.ML vu Beetebuerg

---

Zanter etlech Joren sinn ech Member bei Luxroots. Ech hunn mat mengem Stammbam ugefaangen wéi ech no mengem Grousspapp sengem Brudder gesicht hunn, deen 1910 an Amerika ausgewandert ass. Mat luxroots sinn ech bis an dat 17 Joerhonnert vu mengem Pap a menger Mamm hirer Säit fëndeg gi. hei sinn d'Ahneblieder zu 97 Prozent richteg. Di Ganz Equipe ronderëm den Georg Eicher mécht wierklech eng fantastesch Aarbecht a ech kann och nëmmen all Mënsch roden sech bei hinnen anzeschreiwen. Si hëllefen jidderengem gäre virun wann ee eppes wëllt sichen. Maacht virun esou. JK Märel

---

Ich interesséieren mich scho va klengem an fir d`Familjenforschung. Wie ich am Lycée war, han ich meng Elteren gefrot, wat si iwwer hir Famill wossen.
Meng Mamm konnt mirr verschidden Saachen do soen a mäi Papp leider net sou vill, well haen sich ni dofir interesséiert hatt.
Meng Grusselteren konnt ich leider net mi froen, well sie scho mi fréi gestuarwen sin. Wou mir zu ischt gewaant haten, hat ich scho e Computer awer keng Internetverbindung.
Mirr sin dann Enn 2003 op Beeler geplënnert, wou ich dann endlich Internet hat. Do sin ich dann afanks 2004 op de Site roots.lu gestouss, wouraus dann spéider luxroots.com guff.
Et guffen afanks o mol Problemer mat dem Site, do hat ich dann dem Georges Eicher, den de Projet an d'Liewen gerouf hatt, eng Email geschéckt. Hen hat mirr dono agerouf a mirr gesot, fir de Programm Firefox zu installéieren. Hen hat mirr Schrëtt fir Schrëtt gesot, wat ich do misst man. Datt hatt super geklappt. Ich wëll dem Georges Eicher villmols Merci soen, datt hen den Ahnenforschungsprogramm gegrënnt hatt a sengen Kollegen, déi die vill Arbicht man, fir all die Akten op de Gemengen ze fotographéiren an am Programm dann an ze gin. Ich gin dofir 5 Stären, weil et e super Programm ass. JK Beeler 01.06.2020

---

Ech hu mech schonn ëmmer fir Geschicht, Familjegeschichten, Nimm, wéi Leit mateneen Famill sinn asw interesséiert. An de Staatsarchiven hunn ech meng Vierfahren gesicht an dunn och e Stammbam opgestallt.
D'Mataarbecht bei luxroots ass dofir fir mech einfach flott, spannend a léierräich. Ech si frou bei engem Projet ze hëllefen deen der Allgemengheet zegutt kënnt, net mëmmen elo, mee och an Zukunft. CW. Beetebuerg

---

Ech gi mech eréischt zenter kuerzem mat der Genealogie of an hunn bis ech Luxroots kannt hunn, mech méi schlecht wei recht doduerch geschafft.
Dei Fräiwëlleg déi an där Base de Données all déi sellech Informatiounen zesummen droen, maachen an mengen Aen eng excellent Aarbecht. Ech kann nëmmen doriwwer staunen.
Duerch all déi Donnéeën déi ech iwwert meng Famill fonnt hunn, konnt ech mech besser orientéieren, Leit mat den selwechten Virnimm, besser trennen, an virun allem, et brauch een déi munchmol onméiglech geschriwwen Akten net ze entzifferen. Dat ass eng onwarscheinlech Erliichterung.
Och soen ech fir déi iwwert Telefon duerchgefouert Aweisung villmools Merci. Esou een Service ass mir nach ni proposéiert gi. Dofir einfach « Chapeau ». CH.

---

Ech wollt emmer schons méi iwert méng Originnen wossen a wéi ech dunn, no langer Zäit am Ausland, 2006 rëmm Heem koum hun ech mech dru ginn an hun awer séier font dat daat net esou einfach wor a vill Zäit bräicht fir all relativ Akten ze fannen, of ze schreiwen asw.. Ech hu mat engem Bekannten doriwer geschwat an deen huet mir geroden mam Georges Eicher ze schwätzen, dee wir nämlech derbei d'Eicher Falmiljen ze recherchéieren. Hun dat gemacht an hu font dat dem Georges säin Luxroots een excellente Projet wor a mir vill Méih an Arbecht géif spueren, a speziell well all seng Daten nemmen vun den Akten opgeholl gouffen. Ech hunn natiirlech ganz vill iwert méng Ahnen am Luxroots fond a war esou begeeschtert an dankbar dat ech dunn och direkt matgeschafft hun fir d'Databasis weider auszebauen, an ech sinn haut nach derbei. Well done George a villmols merci.
5***** JJE Maarnech

---

Zënter e puer Joer beschäftegen ech mech mat dem Nosiche vu mengen Virfueren. Ech war frou duerch Zoufall u Luxroots geroden ze sinn. Dat war eng immens Hëllef an ech hu vill Ënnerlage fonnt. Respekt fir déi vill Aarbecht déi dir maacht a besonnesch de Georges Eicher deen immens engagéiert ass. Bei Problemer konnt ech och emol per Telefon nofroen an hunn eng Äntwert kritt. Well ech zevill ëm d'Oueren hu kann ech mech leider net och méi bei iech engagéieren. Ech zecke net fir mol op eppes hinzeweise wat kéint verbessert ginn. 5 Punkte sinn ubruecht obschon mol nach bestëmmt dat eent oder anert kéint verbessert ginn. Maacht esou weider. J M Hielem

---

Et as e ganz flotte Site : et as immens flott fir mech wann ech meng Familiengeschicht kann nokucken De Site as ganz gut opgemeet. Meng Note as 4,5 Merci Andrée

---

Ech sin iweraus frou de Programm vun Luxroots ze benotzen, verständlech, logesch an zielorientéiert. Sollt een eppes net verstanen hun, as de Georges ëmmer hellefsbereet fir engem aus der Patsch ze hëlleffen ! Hien as de Mann op der richteger Platz! Chapeau Georges fir de Programm aus denger Fieder.
Zanter ech de Programm benotzen, sin ech gud weider kom an mengen Recherchen. Deng freiwelleg Matarbechter machen och eng groussarteg Arbecht!

# luxroots.com asbl

**Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews**

Ech frée mech schons elo op dat Ziel wat Du gesat hues fir ganz Letzeburger Land ze erfassen!
Ech ënnerstetzen weiderhin eise Projet an dir hut 5 Stären verdengt! P.E., Miersch

---

Mat Hëllef vum LUXROOTS-Projet ass et mer méiglech gewiescht meng Dokumentatiounen an Artikelen zu mengen lokalhistoreschen Nofuerschungen ze komplettéieren an interessant ze maachen. Mat Luxroots war dat e Kannerspill an huet mer vill Informatioune geliwwert, ouni Luxroots wier dat schwiereg gewiescht. E grousse Merci un der Georges Eicher vir seng Ënnerstëtzung an Hëllef bei ville Froen. De Georges a Luxroots verdéngen natierlech 5 Stären. FSa, Scheedgen

---

Als benevole Mataarbechter zënter 2009 hunn ech schon vun Allem opgehol, Gebuerten, Hochzäiten an elo och Doudesacten. Et mécht ëmmer nach vill Freed um Projet ze schaffen.
Och bei mengem eegene Stammbaam sinn ech mat LUXROOTS gutt a schnell weiderkomm.
An eiser Datebank si jo net nëmmen Donnéen vun eenzelne Gemengen, am Genre Familjebuch, mee d'ganzt Land an och déi ugrenzend Regiounen si mateneen verbonnen.
An der Tëschenzäit hu mir, duerch ons Recherchen, och Kontakt mat verschidden „Distant Cousins", Nokommen vun Letzebuerger Auswanderer.
E spannenden Hobby! A fir de LUXROOTS-Projet natierlech 5 Stären! Ramona.

---

Waat soll ech nach vill schreiwen. All de geschriewene Luew huet d´Équipe vum Projet Luxroots voll verdéngt. Ech sinn och schon´s joerelang Member bei LUXROOTS.
Ech sin och all Daag um Site ugemellt, an daat ass eng Kompensatioun vir méin alldeeglecht Liéwen am Rollstuhl.
Fir all déi net liesbar Akten ze entzifferen, kascht och schon´s Gedolt. Ech könnt elo sou wéider fueren, dovir och en décke Merci. Georges maach sou weider. Ech ginn och dem Projet max. 5 Stäiren. JT Ettelbréck

---

„luxroots" ass ee wonnerbare Veräin, deem seng Mataarbichter oneegennëtzig ganz vill Stonne Fräizäit opbréngen am Dingscht vu Familljefuerschung, Patrimoine a Geschicht fir eist Ländchen. Gäre sinn d'Membere bereet, spontan bäi enger Ufro ze hëllefen, wann ee sech nit selwer déif an dat Gebitt wëllt raknéien. Si all verdinge mäin éierliche Respekt. RG, Kleng-Elchert

---

4,5 Stären fir luxroots.com. Et ass onméiglech an e puer Wieder ze beschreiwen an déi Aarbecht ze luewen, déi hei säit Joeren vu ville Bénévolen am Sënn vun der Genealogie an eiser Geschicht gemaach gëtt. Luxroots ass jo méi wéi just eng Datebank déi all Dag wiist; et ass eng Ressource fir Literatur, Sozialgeschicht, Bicher, Quellen a villes méi, wat eis erlaabt eis Vergaangenheet besser ze verstoen. Et ass un eis, dës Daten zum Liewen ze erwäschen an Zesummenhäng hirzestellen.
Firwat keng 5 Punkten a "just" 4,5? Majo ech sinn der Meenung, dass an noer Zukunft soll an en neien User-Interface investéiert sinn, fir déi grouss Quell un Informatiounen an enger moderner Form ze presentéieren an dem Benotzer de Gebrauch esou einfach an esou agreabel wéi méiglech ze maachen. Natierlech kascht dat vill Suen, mä ech sinn iwwerzeecht, et wär nach eng Kéier e Quantesprong vun der Qualitéit vu luxroots.com
Leider si meng Kompetenzen an deem Beräich limitéiert, dofir beschränken ech mech drop, Daten an Eintrag ze ergänzen oder ze verbesseren. Ech freeë mech och ëmmer, wann ech engem Akt vun enger Persoun kann eng al Foto aus menger Sammlung derbäifügen, fir dass d'Zuelen an d'Daten och e Gesiicht kréien :-)

# luxroots.com asbl

**Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews**

Alles an allem: Merci, Chapeau a maacht weider sou! CS, Moutfort

---

Ech si virun e puer Joer vun enger gudder Bekannter op de Projet Luxroots opmierksam gemat ginn. Si huet scho méi laang bei deem Projet matgeschafft. Well ech och selwer drun interesséiert war, de Stammbam vu menger Famill zesummenzesichen, hunn ech mech bei Luxroots ugemellt a gesinn, wat do eng wertvoll Aarbecht geleescht gouf. Ech hu mech dunn och do aschreiwe gelooss, hat Kontakt mam Initiator vum Projet a hu mech an d’Aarbecht vun de Gebuertsakten a spéider de Stierfakten ageschafft.
Mir huet et ganz vill Freed gemat ze gesinn, wéi all Dag eng Onmass vun neien Akten opgeholl gi ass. Ech hunn och selwer e puer Dausend Daf- a Stierfakten opgeholl, an dobäi gemierkt, dass duerch déi gemeinsam Aarbecht vun alle Mataarbechter ëmmer erëm och Verbesserungen vu bestehenden Akte gemat goufen, sou dass d’Genauegkeet vun deenen gespäicherten Donnéeën sech dauernd verbessert hunn.
Besonnesch interessant fannen ech och, dass d’Ophuelen vun Akten sech net op Lëtzebuerg beschränkt, awer doriwwer eraus och op d’Grenzregioune vun eisem Land matabezéit.
Ech hoffen dass de Projet sech wieder kann esou erfollegräich weidergefouert ginn. Fern

---

Bei mir ass luxroots de Moment ee vun de meeschtgenotzte Siten um PC. Do deet sech eng rieseg Fënster an d’Vergaangenheet op. Virun allem wann ee kee vun  deene méi ale Familjememberen  méi froe kann, dann ass dat hei eng ganz wertvoll Hëllef. Déi Zäit, wou mer elo méi oder wéineger agespaart waren, hunn ech et genoss fir bal tëscht de Wuurzele vun der Famill ze liewen a fir fir mech a meng haiteg Famill e flotte Stammbam ze maachen. 5***** huet Luxroots verdingt. E grousse Merci dem Initiator an all de bénévole Leit, déi sech fir déi grouss Saach do asetzen. G. O. Housen

---

Ech sin schon laang Member bei Luxroots. Luxroots ass eng flot asbl mat engem sympateschen Comité. Sie sin emmer berét Iech an ären Nofuerschungen behöllefleg ze sin. J.S. Howald

---

5 Punkte fir Luxroots, Als Mataerbéchter vu Luxroots konnt ech am Laf vun de Jore feststellen, wéi komplex et a ganz ville Fäll ka sinn, e Stammbam sou wäit ze bréngen, datt e Friichten dréit, datt ee (bal) zu honnert Prozent sécher ka sinn, séier richteg Informatiounen ze fannen, op déi ee sech verloosse kann. Luxroots erspuert nit nëmme vill Geleefs, dacks ouni eent Resultat ze hunn, nit zulescht, well Virfahren aus den "onméiglechsten" Ecke vum Land koumen, souguer vun déisäit vun de Grenze vum Land. A bitt Lokalhistorikern d'Méiglechkeet, familiären a gesellschaftlechen Zesummenhäng an hirem Duerf oder hirer Gemeng op de Fong ze goen - an net selen erauszefannen, vu wou dësen der deen Hausnumm hierkéint. Nit ze vergiessen, datt Luxroots jiddferengem gewëssermoossen de Schlëssel an d'Hand gëtt, fir déi vill verschidde Schreifweise vun de Familljennimm ze knacken. (H.L., Ell/Bieles)

---

Luxroots? Wuerzelen zu Letzebuerg?
Dat ass Généalogie, Stammbam, séng Virfahren sichen, d'Famill zesumme setzen.
Eng Passioun di ee net mi lass léisst, a fir déi ee Gedold, Grondwëssen, Detektivgespier a vill vill Zäit brauch!
Wee séier e Resultat wëllt gesin ouni sälwer stonnelaang ze fuerschen an Akten ze entzifferen, deen ass bei luxroots op der richtiger Address!
Mat e puer Donnéen fënnt ee Bomi oder Bopa an der Datebase.
A mat engem Klick kënnt een ëmmer nees eng Generatioun weider, oder kann ee kucken,

wat aus all Kand gin ass.
Bequem a séier um Schierm doheem säi (letzebuerger) Stammbam nokucken - sou einfach ass et!
Als Bénévol léire mir beim Ofschreiwen vun den Akten is Uertschaft, is Géigend, is Geschicht besser kennen, an entdecken mol Kuriéises, mol Traureges.
An doniewt mécht et richteg frou a stolz, u sou engem flotte Projet matzeschaffen, deem mir weider ganz vill Erfolleg wënschen. M.&JP.M.

---

Ech hat d'Chance, fir luxroots grad dunn (2019/20) kennen ze léieren, wéi ech als Student (histoire européenne contemporaine) genealogesch Recherchen gemaat hunn. Ech kruut ouni vill Gedeessems gehollef; de Georges Eicher huet sech selwer em méch gekëmmert. Ech hunn dank luxroots Pisten fonnt, déi vun dësem an deem vun de Professeren héich appréciéiert goufen . Also: 5 Stären, ouni ze zécken. Elo misst ech just nach wëssen, wéi ech méng Cotisatioun am einfachsten bezuele kann... AS Esch

---

Déi Zäit wou mir hunn missen doheem bleiwen , sinn ech e puermol op ären Site gaangen, an mengen Aen ass dat vill ze vill komplizéiert, vier domat virun ze kommen,an wollt och net dauernd uruffen fir weider ze kommen. MD Rodange

---

De Luxroots Projet ass "dee" Portal wann e wëllt säin Stammbam erstellen. Virun allem ass et Qualitéit vun Donnéeë déi ervirstécht. Op dem Luxroots Portal sinn eng Rei Linken op an Websäiten an eis Nopeschlänner an Iwwerséi.
Ob de reegelméissege Versammlunge gëtt e vill interessant Informatioune iwwert de Projet gewuer an e kann e sech mat aneren Memberen austauschen.
Wéi vill Interessi de Projet ervir rifft, gesäit un all dene Fräiwëllegen déi d'Akten ophuelen.
Fir mech war et déi Quell wou ech am meeschten Leit aus menger Famill erëm fonnt hu an du a mäin Stammbam opgeholl hu. Et kann een och Fotoen an aner Artikelen bei seng Famill an Database derbäi setzen.
Groussen Respekt un de Georges Eicher fir säin Courage esou e Projet unzegoen an dat wat hien doraus gemaach huet. 5 ***** vu mär. Weider esou. Jang - Käerjeng

---

Sinn deck zefrieden mat luxroots, ass munchmol schwiereg weider ze kommen. Gi 4 Staeren, a bleiwen dobei. Merci. J.T.

---

Ech sin immens frou, dass ech mech bei luxroots abonnéiert hun an ech hu scho vill interessant a spannend Stonne verbruecht fir mei Stammbam zesummenzesetzen. Et ass super, dass sou vill Leit sech engagéiere fir all déi vill Donneeën an de Programm opzehuelen. Mir feelt et leider un Zeit fir mech selwer méi ze engagéieren a matzeschaffen. Vu mir kritt der 5 Stäeren. MK.

---

Ech fannen dass d'Qualitéit vun den luxroots-Donnéeen, zenter dat ech Member sin, vun Joer zu Joer zougeholl huet. Firun allem appréciéieren ech déi Donnéeen, déi een elo virun dem Joer 1800 fennt. Et ass och interessant, dat elo vill Informatiounen iwer Familljen an onsen Grenzgebidder bei luxroots ze fannen sin. Et ginn also vun menger Sàit 5 Stären fir d'luxroots-Donnéeen *****.
Als Suggestioun fir d'Verbesserung vun de Recherchen op luxroots wär et aus menger Siicht interessant an hellefreich, wann een och kënnt Recherchen iwer d'Nimm vun den Koppelen, also Mann a Fra zesummen, maachen.

**Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews**

Als klenge B-moll huet mech nach ëmmer gestéiert, dat bei luxroots d'Zuel vun den sougenanten Hits iwer d'Joer limitéiert ass. Fir mech ass et een Hit wann ech déi Persoun op luxroots uklicken déi ech gesicht hun, keen Probleem. Mee a villen Fäll muss ech 10-20 oder méi Persounen uklicken fir ze kucken op do déi dobei ass déi ech sichen. An deem Fall hun ech bei luxroots e ganze Koup "hits", mee fir mech ass et vleicht een oder guer keen Hit. Ech wees dat ech iwer gespuerte Punkten kann meng Zuel vun "Hits" erop setzen, mee fir mech ass dat hei eng Prinzipiensaach. LW Howald

---

Hallo,Ech gin 5 Steren well ech dat flott fannen gewur ze gin mat wem een alles Famill as an wou Grous an Urgroselteren gelieft hin zumols wann keen mei do as den e keint froen. JT.

---

Ët ass e Programm deen seng aussergewéinlech Qualitéiten beim Gebrauch weist. An der ganzer genealogescher Welt spiert een datt en ukomm ass. En ass nët méi ewechzedenken. E gët gebraucht ! Ën ass eenzech !
Op deeër aanerer Säit ass ët eng Meeschterleeschtung fir esou vill fräiwëllech engagéiert Leit bei deeër Aarbecht zesummenzehaalen, an - last not least - verdingen all d'Matwierkend ë grousse Merci ! Fons

---

Merci dem Initiateur vun dësem Projet! E grousse Merci! Insgesamt gin ech 5 Stären!
Meng Virfahre kommen deels aus der Belsch, deels aus dem Saarland an aus Frankräich, mä di meescht aus Lëtzebuerg. Ech hun 1990 ugefaang Stammbamforschung ze maachen a sin deemols an d'Belsch, an d'Saarland an an den Département de la Moselle gefuer an hun do op deenen zoustännege Gemengen déi Acten erausgesicht a photographéiert, déi ech gebraucht hun.
Als Gemengesekretär hat ech spéider d'Chance bei menge Kollegen ouni Problem Kopië vun Acten ze kréien.
Ech hu selwer als Gemengesekretär mat vill Freed all Mënsch gehollef bei senge Forschungen. Mir huet gehollef, dass ech als Student Sütterlin geléiert hu liesen a schreiwen, wat mer d'Liewen als Gemengesekretär am Etat Civil mi einfach gemaach huet.

Dass luxroots all d'Acten no an no erfaasst, ass genial. Doduerch ass et einfach fir geziilt Acten z.B. bei familysearch oder matricula ze sichen als Beleg. Di Aaarbecht vu luxroots ass och eng immens Hëllef bei der Sich vun Nokommen a Stierfdaten. Ech si begeeschtert.
Als ale Programmeur vu BASIC an Dbase fannen ech de Programm vum G.E. tiptop. Alles wat ee brauch ass do a meeschtens ouni Feeler. A wann ech emol e Feeler fannen da gët en direkt verbessert (oder ech kréien erklärt dass a firwat et kee Feeler ass :-) )
Wat mer nët gefällt ass, dass heiansdo keng Reaktioun op Verbesserungsvirschléi oder Froën zu Donnéen, di nët kënne stëmme, kënnt.
Desweidere bedaueren ech, dass de System, mat deem ee sech luxroots Punkte konnt derbäikafen, ofgeschaaft gin ass.

Ech bedaueren och, dass ech bis elo nach nët de Courage hat, fir mech als Mataarbechter unzebidden. Ech hun einfach Angscht, ech misst e bestëmmte Soll erfëllen an, obschon ech d'Pensioun hun, ech deem nët kann nokommen. Mais insgesamt nëmmen ze recommandéieren!!! GH.

---

Ech si frou, dat ech kann als Fraiwellege un desem Projet deel huelen. Et ass eng gudd Saach, an dofir ging ech gären 5 Stären. RG Echternach

---

# luxroots.com asbl

## Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews

En decke Merci Luxroots, an eischter Plaatz dem Georges Eicher, fir deen immensen Projet deen sie hei op d'Been gesat hunn. Durch d'Hëllef vun Luxroots konnt ech elo mol un en ordentlichen Stammbaam kommen. Decken Merci an macht weider esou. AS Lënster

---

Fir mech as de site luxroots 5 staeren wert. Ech hun meng familjen op dem site eremfond an dei lescht generatiouenen ergänzt. Et mecht vill Spaass mat allen documenter an donnéen dei schons drop sin, dei vill volontaer Memberen mat immenser Gedold gesammelt hun an op de site nominativ anfaedelen.. Net néideg op Gemengen furschen ze goen, vill Zeit ze verleiren, et as alles online. Hei ans do as et net einfach sech um logiciel zerecht ze fannen. Wann mol problemer optrieden --et as onvermeidbar-- dann as emmer Hellëf nët weit an rapid bei Hand. Besonnescht den grënner as onermidlech. Super!! E grouesse merci un hien! Och regelmaessech Reuniouenen kënnen hellëfen sech besser eremzefannen.
Mat Begeeschterung kann ech un jonk an aal desen super- site recommandeiren un all dei sech fir généalogie oder mei hir eegen aanen bis weit zerek interesseiren. JA Lëtzebuerg

---

Gin ouni ze zecken 5 Punkte. Leider kann ech net mei mat hellfen an acten aginn weinst Problemer mat den Aan. Mee gin main Stammbaam dem Georges fir e besschen ze hellefen. Et as eng heeden Aarbecht dat alles ze sammelen. Hat aus "Dommheet" ugefaangen, mee et as elo eng Sucht gin. Weider esou mat dem site en as gudd. RH Luxembourg

---

Fir mech ass et immens flott, um dem Projet kënnen deelzehuelen. Wann een dann och nach Akten ophëllt, wou een op seng eege Virfahren trëfft, dann huet dat schon eppes. Georges sei Dank, gëtt et LUXROOTS, a fir hien an all Mataarbechter ginn ech 5 Stären. M.P. Trënteng

---

Ech waar schonn dacks frou, datt ech bei Luxroots Informatioune krut, an nach méi frou war ech, datt dir mir all Kéier iwwer Telefon weidergehollef hutt, wann ech e Problem mat menger Recherche hat. Vu mir kritt dir sécher 5 Stären! ST Bridel

---

Ech gi 5 Stären, well ech fannen de Programm super Ech interesséiere mech scho laang fir mäin Stammbam zesummen ze kréien, an dofir schaffen ech och mat. Dat mécht richteg Spaass fir an deenen Daten ze schaffen. JT, Boulaide

---

Meng Begeeschterung a meng éischt Donnéeën fir Familljefuerschung hunn ech eigentlech vu menger Schwëster geierft, nodeem si gestuerwen ass. Sie hat Kontakt mat ausgewandert Familljememberen an den USA, déi sech staark fir hir Virfahren intresséiert hunn. Sie hat dofir ugefaangen eis Familljegeschicht nozesichen.
Ech hunn dës Missioun dunn iwwerholl. Ech hat awer keng Loscht meng Pensioun an de Staatsarchiven ze verbréngen a war du frou wéi d'Akten vum État-civil online zur Verfügung stoungen. Ech hu mer du geduecht:
Wanns de schonn d'Akten fir dech privat analyséiers, firwat dat net och maachen fir Luxroots. Dat geet bal an engems.
Ech hu mech 2013 ageschriwwen a schaffen, mol méi, mol manner intensiv, mat un dësem wonnerbare Projet. Zanterhier sëtzen ech quasi all Dag virum Bildschierm an ech bewonneren all eis Mataarbechter, haaptsächlech déi deenen hir Performance méi héich ass wéi meng. Ech stelle mer dann d'Fro: Hunn déi keng Famill déi se fuerdert? Schlofen déi ni? Fueren déi ni an d'Vakanz?
Virun allem bewonneren ech de Grënner vum Projet, dee vu mueres fréi bis owes spéit fir Luxroots am Jumm ass. En décke Merci fir d'Gedold vu senger Madamm.

# luxroots.com asbl

**Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews**

Genealogie ass eppes wéi e Virus deen der Gesondheet awer net schued (ausser dem kromme Réck wann s de dauernd virum Monitor sëtz).
Wanns de bis infizéiert bass, ass et schwéier en erëm lass ze ginn.
Duerch Luxroots hat ech awer och d'Geleeënheet fir aner léif Persounen mam selwechte Virus kennen a schätzen ze léieren, net nëmmen online.
Et ass schued dat eis Software nach ëmmer net konnt op e professionelle Niveau gesat ginn. Haaptsächlech wat d'Optik ubelaangt. Dat schéngt net esou einfach ze sinn. Virun allem kascht et schrecklech vill Geld. Mä vläicht geléngt dat eis och nach en Kéier. Et soll een d'Hoffnung net opginn. CP Pétange

---

Ouni vill ze iwwerleeën ginn ech LUXROOTS *****
Et ass e sympathesche Club mat engem Genealogie Projet dee maträißt.
Säit e puer Joer schaffen ech praktesch all Dag drun.
Et ass eng onwarscheinlech interessant a spannend Aarbecht, linguistesch, historesch a geografesch gesinn.
Ech léieren all Dag bäi a freeë mech, wann et al Texter z' entziffere gët.
Et ass eng wuelstudéiert Logik hannert dem Ganzen, do stécht eng clever mastermind dohannert. LUXROOTS huet mir a menger Pensioun ganz vill Satisfaktioun bruet an ech hoffen, dat ech den Challenge nach laang däerf unhuelen. DK Esch

---

Ech hu mech schonn ëmmer fir Genealogie a fir Familljegeschichten interesséiert an duerfir ass d' Mataarbecht bei Luxroots de perfekten Hobby fir mech, deen dann och nach anere Leit zegutt kéint. Déi gréisste Freed mécht et mir, wann ech no villem Sichen rëm ee Steen vun deem grousse Puzzle kann op déi richteg Plaz setzen andeems ech Kanner mat hiren Elteren verbannen an esou ee Stammbam kompletéieren. Awer och d' Schicksal vun de Leit beréiert mech: wann z.B.  während e puer Méint ganz vill Kanner aus engem Duerf stierwen oder wann enger Koppel all hier Kanner direkt no der Gebuert stierwen.
Wann ee sech fir Genealogie interesséiert, da féiert kee Wee laanscht Luxroots!
5 Stären. M.B. Ettelbruck

---

Ech schaffe säit 2011 mat. Ech huele ganz gäre Porakten op, déi meeschtens op Latäin sinn. Dobäi kann ech méi Latäin erëm opfrëschen. Dat meescht mir vill Freed. Mir sinn e gudde Grupp an esou fënnt een ëmmer een deen engem hëlleft, wann een eppes net versteet. Dobäi treffen mir eis heiansdo, mir verstinn eis ganz gutt. Ech hunn och ganz vill um Computer bäigeléiert an eise "Chef" huet eng himmlesch Gedold fir engem dobäi ze hëllefen.
5 Stäre fir de Projet. H.H. Strassen – 2020/05

---

Iergendwann hunn ech vu Luxroots héieren dat déi am gaange wären esou eppes op d'Been ze setzen wou ech dann fir 20€ Member gouf.
Ech hunn d'Welt net méi verstanen wéi ech dann an deem Programm konnt schaffen. Hunn ech eng Persoun fonnt, hat ech net nëmmen déi Persoun, nee ech hat deem seng ganz Famill, dat heescht mat deem senger Fra a Kanner a Virfahren an dat mat den Gebuert's, Hochzäit a Stierf Deeg. Mat dem System vu Luxroots hat ech mäi Stammbam a puer Woche fäerdeg. Ech hunn den System esou genial fonnt dat ech mech gemellt hunn a mäin Dram konnt verwierklechen. Ech hu matgehollef d'Akten vum Lëtzebuerger Land ze Digitaliséieren. Dat heescht esou wäit den Dateschutz vun 100 Joer dat zou léist. Ech hu mech dann mat menger Famill opgeholl, dofir muss een awer Member sënn, an ech hat e fäerdege Stammbam vun 10 Generatiounen deen ech och nach kann eraus drécken. Alles wat net am

Dateschutz läit gesinn ech awer nëmmen duerch mäi Passwuert wat ech kritt hunn wéi ech Member gouf, dat heescht jiddereen dee Member ass ka sech a seng Famill selwer androen och wann e net selwer matschafft an dat och nach mat Fotoen.

Ech wëll behaapten dat Luxroots dee beschte Genealogie's Programm ass dee Lëtzebuerg huet. Wa mir alleguerten fäerdeg sënn mat androen, ëm 2025, fënnt een hei Daten vun 1600 bis 1923. Dat ass dach Genial well ee keng Archive méi brauch. Et kann een alles vun Doheem aus maachen, et brauch ee just e Computer a Member bei Luxroots ze ginn!!

E grousse Merci un den H. Georges Eicher deen dësen Programm selwer programméiert huet an eng Ambiance ënnert deenen déi matschaffen ervirbruecht huet déi ee wäit a breet keng fënnt. Ech vir mäin Deel se stolz drop dat ech hei hunn duerfe matschaffen a mat gehollef hunn wou nach spéider Generatiounen notzen dovun hunn.
Mëttlerweil digitaliséiert d'Archiven och elo, ma si setzen keng Famillen zesummen wéi Luxroots et mécht. Hunn ech do eng Persoun fonnt weess ech net op se Bestuet ass op se Kanner huet an ech hu keng Virfahren. JCL, Dahl – 2020/05

---

Ech fannen eise Projet super.
Nëmmen andeems een alles ophöllt kann een och alles fannen.
Si frou zënter 10 Joer aktive Mataarbechter ze sin, an hu schons vill beigeléiert iwert eist Land an haaptsächlech eis Stad déi mech schons ëmmer interesséiert huet.
Fir mech sin et 5 Punkten. P.B. Medingen – 2020/05

---

Ech setzen am léiwsten Familljen zesummen. An deenen Zäiten, wou ee richtig vill siche muss. Wou d'Familljennimm verschidde Schreifweisen hunn. Z.B. Lieners, Leners, Loeners. Wou et Hausnimm ginn. A wou d'Catharina Trein oder Trinn heescht, d'Maria Marei, de Wilhelmus Gilly an de Cornelius Nilly. Dat ass ganz interessant, höchst spannend - einfach schéin! C.P. Ettelbruck – 2020/05

---

Wéi ech virun Joren mat dem Stammbam vu menger Famill ugefangen hun, war LUXROOTS mir eng gutt a grouss Hëllef. Hei hun ech eng komplett Opzielung vun alle Familgememberen font, wou kee gefeelt huet.
LUXROOTS huet vill Matarbechter a si schaffen genau no den offiziellen Akten .
Wéi ech dunn d'Famill vu menger Grousstata an Amerika font hun, war ech frou, dat ech déi och konnt an Datebank vu LUXROOTS asetzen.
Ech hun eng flott Beschäftigung a menger Pensioun font an hu mat Begeeschterung LUXROOTS meng Hëllef offréiert. G.W. Walferdange – 2020/05

---

Als benevole Mataarbechter/in sinn ech fest dervun iwwerzeegt dass d'Donnéeën, déi d'Mataarbechter Dag fir Dag an de luxroots-Projet erasetzen, villen Abonnéën eng gutt Qualitéit bidden an dass d'Abonnéën domat bei hire perséinleche Familljerecherchen séier a gutt weider kommen. Doduerch dass d'Donnéeën bal nëmmen aus wierklech existenten a mëttlerweil och kontrolléierbaren Akten staamen (op verschiddenen internet Siten), ass d'Feelerquot esou kleng wéi méiglech. An dat alles trotz de villen orthographeschen Ofwäichungen bei de Familljennimm an de Virnimm. Natierlech kritt de Projet vu mir 5 Stären.
Ech selwer si jiddefalls ganz frou dass ech bal vun Ufank un un deem Projet konnt matschaffen. Am Laf vun der Zäit hunn ech och festgestallt dass d'Vernetzung, d'Interaktioun an den Austausch tëscht de Mataarbechter ganz vill zur Qualitéit vun den

# luxroots.com asbl

**Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews**

Donnéeë bäidréit, besonnesch bei den Akten vu virum Joer 1800, wou a villen Akten nëmme vag, onprezis an esou guer falsch Informatiounen agedroe sinn. Déi gréisste Chance dass den Amateur-Genealog déi Akte richteg interpretéiert, besteet jo doran dass ee Mataarbechter sech mat enger ganzer Regioun beschäftegt an net nëmme mat senger eegener Famill. Am luxroots-Projet zéien d'Mataarbechter, an och d'Abonnéën, um selwechte Strang. Jidderee gesäit wéi de Projet wiisst, an dat mécht Freed, Freed déi ee vergläiche kann mam Zesummesetze vun engem risege Puzzle, wou och all Stéck op der richteger Plaz muss agesat ginn, fir dass zum Schluss e flott, wonnerbaart Bild entsteet.
J.M. Luxembourg – 2020/05

---

Fir mech ass et déi richteg a sënnvollst Manéier fir d'Genealogiesakten ze behandelen.
Dat ass eng enorm wichteg Aarbecht, déi do fir Lëtzebuerg an driwwer eraus geleescht gëtt.
Fir engem seng perséinlech Recherchen ass et e risegen Zäitgewënn, deen een dann fir d'Gestaltung vun senger Genealogie nëtze kann.
Dem Georges säin Asaz ass enorm an dofir ass hien ze felicitéieren. 5 Stären!
R.F. Bereldange – 2020/05

---

Ech sinn immens frou dat ech den luxroots-Projet viru bal 20 Joer ugefaange hunn.
Et war déi Zäit wou een Familljefuerschung a Computer engersäits mat dem Internet anerersäits konnt verbannen.
Ab 2008 hunn sech vill Benevollen dem Projet ugeschloss, wat erméiglecht huet, a kuerzer Zäit ganz vill Detailer vun Akten an eis Datebank opzehuelen.
Mat der Quantitéit a Qualitéit vun eiser Datebank, a mat deenen villen Abonné'en, déi eise Projet finanziell ënnerstëtzen, si mir haut e vun den Leader an der Groussregioun ginn.
Ech soen hinnen, an onsen fläissege Mataarbechter en decke Merci. G.E. Howald –2020/05

---

Français Deutsch English Lëtzebuergesch

# luxroots.com asbl

**Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews**

Français Deutsch English Lëtzebuergesch

---

**Que vous aimiez luxroots ou non ... Dites-nous ce que vous pensez de luxroots!**
Envoyez-nous votre apprécation luxroots par message et nous allons la publier içi

---

---

La banque de données luxroots.com est un outil complet pour accéder aux données généalogiques du Luxembourg. Un réseau de volontaires dévoués a assemblé les actes de naissance, mariage et décès tant extraits des registres paroissiaux antérieurs à 1800, que ceux tirés des registres d'état civil postérieurs, qui sont ouverts à la consultation.
Cet effort d'équipe a créé une vaste collection de données permettant de trouver les actes pertinents, ainsi que les connections de famille horizontales et verticales. Les recherches peuvent être effectuées suivant divers critères et filtres, comme nom de famille, année ou période, lieu. L'impression de listes de nom et de tableaux ancienneté est possible.
En raison de ces nombreuses fonctionnalités, c'est un outil indispensable pour quiconque recherche sa famille afin d'obtenir des résultats rapides et fiables et tout ceci pour une cotisation annuelle plus qu'abordable. Jean Ensch

---

Je suis vraiment très heureuse d'avoir découvert votre site. Ne parlant pas le luxembourgeois il m'est difficile de naviguer sur les archives du Luxembourg. Un grand merci à chacune et chacun pour l'énorme travail que vous accomplissez et mille bravos- Françoise B.

---

Un grand merci à Monsieur Eicher et à tous les bénévoles du site Luxroots. Avoir accès aux actes saisis.., avoir un interlocuteur pour me conseiller, m'épauler lors de mes recherches ou interrogations met en évidence la différence entre ce site et les autres.
Situé au cœur du Luxembourg, carrefour d'une longue histoire humaine, ce site répond à toutes mes attentes. En continuant mes recherches, je découvre toujours la richesse du site et soutiens donc son projet pour le présent et surtout pour l'avenir. Au plaisir de continuer mes recherches avec vous…
CL – 05/2020 – 5 étoiles.

---

J'ai terminé avec succès les recherches généalogiques concernant les familles de mes petits-enfants depuis plus de 4 ans, grâce à votre site LUXROOTS qui m'a permis de mener à bien mon projet. J'ai débuté mes recherches aux archives nationales, pénibles et difficiles, avec un matériel obsolète, des documents illisibles, éparpillés souvent incomplets, jusqu'au jour où un Monsieur d'un certain âge m'a renseigné sur l'existence de votre site. Quel progrès. Un outil performant, toujours en évolution, un encadrement sur demande, compétent et avenant, un vrai plaisir. Je vous remercie pour votre patience et votre amabilité sans faille que l'on voudrait rencontrer plus souvent. Agnes FH

---

Mais comment font les généalogistes qui n'ont pas leurs ancêtres au Luxembourg ?
Même si je travaille plutôt sur copies d'actes, et pas sur des retranscriptions, Luxroots me permet d'avancer à grand pas dans ma généalogie. Avec les données trouvées sur Luxroots, il m'est facile de trouver les copies d'actes originaux, disponibles en ligne. Ceci me permet d'une part de garder le contact avec les documents anciens, et en même temps de bénéficier d'une substantielle aide au déchiffrage, pour toutes les écritures difficiles à lire. Parfais aussi,

je peux ainsi proposer une lecture alternative d'un acte, mais c'est rare, car le travail de déchiffrage réalisé par vos collaborateurs volontaires est en général d'excellente qualité.
J'accorde volontiers 5 points à ce site, simplement pour la quantité de données disponibles, et pour leur fiabilité.
Pour les suggestions d'améliorations, il y a bien évidemment l'interface utilisateur qui n'est vraiment pas à la hauteur du contenu du site. Par ailleurs je trouve intéressant aussi l'exploration des donnée de décès, qui sont rarement disponibles sur vos fiches. Mais je pense que c'est déjà au programme pour les temps à venir.
En tout cas, grand merci, et bravo à toute l'équipe de Luxroots ! JL.

---

J'apprécie la qualité et les possibilités de recherches, elles m'ont permis de remonter dans le temps et ce jusqu'en 1715 dans la réalisation de ma généalogie. une aide précieuse que je ne regrette pas d'avoir trouvé , merci Jr.B

---

Grâce à Luroots j'ai pu enfin retrouver le nom d'une de mes arrières-arrières grands-mères sur laquelle j'étais bloqué depuis des années. En outre, grâce à ses informations couvrants aussi bien la Belgique, l'Allemagne que le Luxembourg, j'ai pu compléter la descendance de mes ancêtres et ainsi retrouver plein de nouveaux "cousins". Merci à vous. JL.

---

Le site luxroots.com est une référence incontournable pour qui veut avancer dans ses recherches généalogiques.
La clarté du projet aide indéniablement à retrouver la trace de nos ancêtres et de leurs descendances avec facilité.
Un gain de temps appréciable ou une confirmation à propos d'actes sur lesquels j'hésitais m'ont aidé à avancer grandement dans l'élaboration de mon arbre généalogique.
De plus, il m'a permis de comprendre les actes rédigés en allemand et que je ne pouvais déchiffrer.
5 étoiles, J.R. Lierneux – 2020/05

---

Un grand merci à vous. Et félicitations pour votre magnifique site luxroots.com qui m'aide énormément dans mes recherches, c'est le seul site qui est si complet sur la région Vielsalm, Gouvy, Lierneux. J.R. Lierneux janvier 2011

---

Chacun qui, tant soit peu a intérêt à connaître de plus près son arbre généalogique, ne peut que saluer et soutenir votre initiative et respecter votre travail méticuleux, soigné et facilement accessible.
Je n'ai pas fini ma recherche, mais j'ai pu entretemps obtenir nombre d'informations dont je vous en remercie sincèrement à présent. J'espère que vous gardez avec votre équipe tout le panache pour le mener à bonne fin. Mon abonnement, je ne manquerai pas de le renouveler l'année prochaine. Avec mes sincères salutations E.R. Sandweiler

---

Que vous nous aimez ou non ... QUELLE QUESTION IDIOTE : bien sûr que j'aime !!!
C'est le meilleur site d'entraide que j'ai eu l'occasion de voir ! C'est un émerveillement !
Un seul regret, mais de taille : que tous mes ancêtres ne soient pas nés au GDL !
Félicitations, et MERCI, P.K. Malmedy

---

Français Deutsch English Lëtzebuergesch

# luxroots.com asbl

**Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews**

Deutsch Français English Lëtzebuergesch

---

**Ob Sie luxroots lieben oder nicht ... Sagen Sie uns, was Sie über luxroots denken!**
Senden Sie uns Ihre Luxroots-Bewertung über Mail und wir werden sie hier veröffentlichen

---

---

Ich bin erst seit wenigen Monaten bei Luxroots abonniert und faziniert. Mein Stammbaum wächst und wächst. Nur schade dass es keine PC Präsentation gibt. Lieben Dank für die ganze Arbeit. MH

---

Aus den am Anfang ersten Informationen ist es jetzt eine SUCHT geworden, die nach mehr Wissen und Informationen in Bezug der Ahnen und Herkunft verlangt. Hat man damit angefangen kann man damit nicht mehr aufhören, so dass die Stunden wie im Fluge vergehen. Das Lesen in den alten Kirchenbüchern sowie auch in alten Zeitungsartikel und in Gemeindebücher ist spannender als ein Krimi. Ich danke den Gründer der LUXROOTS gruppe für Ihre Initiative sowie allen Mitarbeiter für die unermüdliche Arbeit bei der Entschlüsselung der alten Schriften, die die Namen und Informationen veröffentlichen. FJ.

---

Für jeden Menschen mit Luxemburger Vorfahren ist luxroots.com ein Muss. Ich habe viele Verwandte gefunden, die ich noch nicht kannte, konnte meine Daten ergänzen (Ehepartner, Kinder, Geburts-, Heirats- und Sterbedaten) bzw. meinen vorliegenden Daten vergleichen. Ein Hoch auch auf die vielen freiwilligen Helfer, die sich die Mühe machen, die alten Kirchenbücher zu entziffern. Durch ihre Arbeit wächst die Datenmenge kontinuierlich und erhöht die Chance den eigenen Stammbaum zu vervollständigen. Beste Grüße - und weiter so, Dagmar H.

---

ich finde es zum einen großartig, dass so viele Menschen an einem gemeinsamen Projekt arbeiten und das das große Puzzlespiel mit immer neuen Teilen zusammengefügt wird. Es macht Spaß, wenn es auch manchmal sehr anstrengend ist, die alten Schriften zu lesen und korrekt zu übersetzen. Vor allem mit dem französischen, was ich dann lieber Muttersprachlern überlasse. Ich hoffe, dass viele Menschen etwas von unserer Arbeit haben werden und auch bereit sind, das Projekt zu unterstützen. UP, Trier

---

Diese Seite hat mir sehr geholfen die Ahnenforschung meiner Familie zu vervollständigen. Sehr empfehlenswert! R.W. Dudelange - 07/02/2020

---

Français Deutsch English Lëtzebuergesch

# luxroots.com asbl

## Bewäertungen - appréciations – Bewertungen – reviews

English Français Deutsch Lëtzebuergesch

---

**whether you love luxroots or not ... Tell us what you think about luxroots!**
Send us your luxroots review via message and we will post it here

---

---

Hello George, I want to thank you and all your volunteers for the great resource you have created. Your website allowed me to create my maternal family tree as far back as the 1700's. I never would have been able to do it without LuxRoots. Jim A., US-Tennessee

---

The luxroots.com database is a comprehensive tool for accessing and researching Luxembourg genealogy records. A network of dedicated volunteers has compiled the birth, marriages and death records taken from the pre-1800 parish registers as well as from the post 1800 vital statistics records that are open for consultation.
The efforts of that committed team have created a vast amount of data allowing finding the relevant records, the vertical and horizontal family connections. Research can be operated through different search criteria and filters like name, time period, and locality. Printouts by name, descendants or ancestral charts are possible.
For all these reasons I consider it is an indispensable tool for any family searcher, covering not only Luxembourg but also the adjacent neighboring territories, and which provides fast and reliable facts, and all this for a more than affordable annual membership due.
Jean Ensch

---

I began building a Family Tree in 2003 when I subscribed to Ancestry.com. Unfortunately, I had corrupted a few of my trees in the beginning because I accepted too much non-documented data from other subscribers.
In 2017 I discovered Luxroots.com. Since every grandparent of both mother and father emigrated from Luxembourg in 1890's, LuxRoots.com opened a treasure-trove of documented family history back to the 1600's.
I'm so thankful and grateful to the LuxRoots volunteers for all their efforts. Within a year, I became very comfortable with the LuxRoots platform and began to add the Marriage & Death Data myself for family members once they immigrated to the America.
I've noticed over the years that that Georges Eicher has contributed much of the data for my family and we've been able to email questions of accuracy on some "American Data" when needed.
LuxRoots also informed me of Luxembourg Dual Citizenship several years ago. I and all my children have gratefully applied and await the backload of applications to be processed. I'm looking forward to meeting the LuxRoots Volunteers at the Luxembourg Family Research Days once I receive my Dual Citizenship.
All your combined efforts have definitely earned 5-Stars! With much appreciation, Gene M. Cascade IA

---

Hello from Hastings, MN. USA.  Thanks to this site and the amazing volunteers, your resources have helped me fill out 3 different family lines and correct dozens of mistakes in all of them.  I have contributed what I can adding death dates as a way to give back.  This is the most helpful and amazing site I have ever used. Keep up the good work!

---

I am glad to award 5 stars to this genealogy site. It has been invaluable in providing documented data for my ancestors in Luxembourg. It is also a wonderful place to provide information on the individuals who emigrated to the United States, and to link them to their ancestry. DJR California USA

---

For me the luxroots.com website has given me access to a serious collection of data that I have not been able to access through the major commercial genealogy sites – therefore it deserves a lot of stars!. I find the data well documented and I have great confidence in the data. The price is very affordable and therefore it is easy to keep subscribing even though I am not using it frequently, now that my family tree in Luxembourg is reasonably under control thanks to Luxroots. I feel that it is good to continue to support the team's efforts. I am willing to share my data, but am concerned that it might not quite reach the standard of the data already there. It did take me a while to understand how to access the data I needed. CJ DK

---

Hello from North Carolina, USA! I am very happy with LuxRoots. I am trying to reclaim Luxembourgish nationality through my great-grandfather, Joseph M. Massard. Since I do not know his parents' name or his town of birth, it **has** been interesting searching LuxRoots for clues!
I am very grateful to all the volunteers who have entered data and to other LuxRoots subscribers for making this project possible. I rate LuxRoots 5 out of 5. Fantastic!
Thank you to everyone involved! Best, Patricia Massard
P.S. I would love to connect with anyone with Massard (Massar) ancestry. Perhaps we are cousins!

---

I would give this genealogy project 5 stars!!! It has a nominal subscription requirement for the value of their service. It is essential research for Americans whose ancestors came from the Grand Duchy of Luxembourg region. Using their database, you can easily find the actual birth, marriage and death records. A.T. Norco, CA, USA – 2020/05

---

The website has been WONDERFUL! My great grandpa, Alois Wagner, moved to St. Louis, Missouri, USA in 1909. We knew nothing about him or his family in Luxembourg until we found your website! It has been wonderful. I am so very grateful for what you are doing. Thank you! A.M. Crystal City - 07/09/2016

---

WOW! This is great! I never would have traced this valuable information without your help. Please pass my sincere thanks on to your German colleague.
Grateful thanks C.C. – January 2015

---

I appreciate all the hard work you have done to compile the data. And, I'm very happy that I was able to send payment via PayPal. Keep up the good work, and thanks again! A.M.

---

Thank you very much for your reply, giving me free access to your site, answering all my questions over the course of the last few months and being patient with me. I appreciate all you did very much. Let me sign up for paypal and I will be back. Paul S.

---

I would like to express my gratitude to your associate Catherine Renschler for the addition of 7,345 baptisms for the parish of Steinsel. I have 345 ancestors associated with Steinsel in

the 1700's and 1800's through births or marriages, along with many more in Kopstal and the surrounding villages. The marriage index for the parish posted on Roots.lu was very helpful in the past. Best wishes for your continued success with this project. S.B. Lakeland, FL USA

---

Français Deutsch English Lëtzebuergesch